

# WANDROUS

N° 343 Fréileng / Päischtmount 2013

avril / mai



Kennt 5 mol pro Joërl eraus / Abonnement 25.00 Euros / CCP: LU 82 1111 0498 5493 0000



Chefredakter: Guy MOYANO

Verantwortlech vir den Drock an d'Veschécken: Groupe LBB

E-mail: [wandrous@lionsbleus.lu](mailto:wandrous@lionsbleus.lu) / Tel: 49 50 51

<http://www.lionsbleus.lu>

Lies d'Wandrous da baste émmer up to date!!!



# Wandrous Publicitéit

Wandrous Publicitéit



Waat brauchs Du vir Geld ze spueren?\*

Jack Wolfskin



Scarpa

CAMELBAK

TEVA

TATONKA

THERMAREST

SALOMON

Raichle

PETZL

GARMIN

patagonia

MSR

MEINDL

BOREAL

GARMIN

FJALL RAVEN

macpac

Lowe Alpine

HAGLOFS

nanowag

THE NORTH FACE

Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!

Eng gülteg Memberskaart vun den LIONS BLEUS!

Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!


Paulinstrasse 25

D-54292 Trier



d'LIONS BLEUS  
kaafen beim  
VIKING-ADVENTURES!

\* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gülteg Lions-Bleus Memberskaart weis!  
an zum Schluss vum Joér kritt den Groupe eng Ristrourne op dem Joresëmsatz!



[www.viking-adventures.de](http://www.viking-adventures.de)

# Opruff Wandrous - Redakteur

Léif Wandrous-Lieser,

elo gett et Wandrous schon **38 Joer** an et as eng flott an lieweg Zeitung, déi jidderengem vun eis en Grinsen an't Gesiicht zaubert wann se an der Boite léit, alleng nemmen wann een Reckseit dovunner kuckt. Sie erméiglecht awer och den Wellef, Scouten, Explorerer, ... hieren Programm ze kennen an och hier flott Rapporten vun den Campen dran ze brengen. Mee een leschtegen Punkt as natierlech och den "Et schengt / Et schengt net", wéi och déi flott Fotoen déi dran sin.

Sou elo as et awer esou, dass dei aktuell Wandrous-Redakturen Méiglechkeet net méi hun d'Wandrous zesummen ze stellen well dei ze vill aaner Verpflichtungen hun. Merci schon am Viraus fir är super Arbescht.

Elo den Opruff un Iech alleguer, huet een Loscht an Zeit des Charge ze iwerhuelen? Waat as d'Aufgaab do derbai? Ma ganz einfach, du muss dech bessi mam Computer auskennen, déi verschidden Dokumenter (Rapporten, Programm, Fotoen, ...) zesummensammelen, se flott an dynamesch dann op e puer Seiten bringen. Et mussen och keng 20 Seiten sin, mat e puer Seitengin mir eis och zefridden.

Et wier flott wann een sech giff mellen fir **den neien Wandrous-Redakteur** ze gin sou, dass mir eis't Grinsen nach wéider kennen haalen wann mir Boite opmachen.

Falls du also interesseiert bass des Charge ze iwerhuelen, da mell dech w.e.g beim der aktueller Wandrous redaktioun per mail: [wandrous@lionsbleus.lu](mailto:wandrous@lionsbleus.lu). Si gin der déi néideg Äntwerten op deng Froen. Merci !!!

är Wandrousredaktioun

Periodique des LIONS BLEUS BONNEVOIE a.s.b.l. (Afdeling à la Foie) Adresse Postale: B.P. 1026 L-1010 LUXEMBOURG

## WANDROUS

N° 341 Chrëschtmount / Haartmount 2012  
décembre / janvier



Periodique des LIONS BLEUS BONNEVOIE a.s.b.l. (Afdeling à la Foie) Adresse Postale: B.P. 1026 L-1010 LUXEMBOURG

## WANDROUS

N° 340 Wainmount / Allerhelgenmount 2012  
octobre / novembre



# Beaver on tour

vun der FNEL



Moien Beaver,

Den 20.Abrëll 2013 ass eis Welt faarweg ! Egal op's du brong, blond oder rout Hoer hues, egal op déng Aen blo, gréng oder brong sinn, oder ob's du eng hell oder deischter Hautfaarw hues, egal waat déng Lieblingsfaarw ass an egal wéi eng Faarw däin Foulard huet, komm mat op den Fetschenhaff fir zesummen mat aaneren Beaver aus dem ganze Land e flotten an faarwegen Nomëtten ze verbréngen.

Verkleed dëch am Thema Amerika,  
bréng vill Energie an gudd Laun mat op den Rendezvous um Cents beim neien QG...  
(61A, rue de Trèves L-2630 Luxembourg) um 14:00 Auer.

Um 17:45 Auer können déng Elteren dëch nees op den Fetschenhaff an eisen neien Quartier Général sichen kommen, an dobei sinn wann mir der FNEL en Undenken un dësen Daag iwverrechen, deen dann am QG ausgestallt gët.

Fir eng kleng Stärkung ass och gesuergt an du brauchs just:  
e Bidon mat Waasser, dem Wieder ugepassten Kleeder an e puer Schlappen fir dobannen.

Daat Ganzt kascht 8 Euro,  
déi bis den 30.März 2013 op den Beaver-Kont : CCPL IBAN LU87 1111 2571 8942 0000  
(Mentioun: BV-Funday + Numm vum Kand) iwverweisen solls.

Soo eis bis spéidstens den 15.März 2013 bescheed, ops du kanns matgoën! (sief per Sms, E-Mail oder Telefon)



Beaver Klack  
déng Cheffen Nora, Lena an Maiti

# Souche Explorer

Souche Explorer



## Den X-Camp

Hues du Loscht eppes neies op engem Camp auszeprobeiren? Esou eppes waats du nach nie mat den Scouten gemaach hues? Iwert den Programm gess du naicht virum Camp gewuer. Mir kennen nemmen soen, et gett flott an mir wärten vill Spaass hun. Maach dech op eppes Neies prett mat vullen modernen Aktivitéiten, an dofir mell dech och hei un!



Wéini: Vum 20.-21.Abrell 2013

RDV: Moies den 20.Abrell 2013 um 10:00 Auer op der Gare de Luxembourg

Retour: Den 21.Abrell 2013 um 17:00 op der Gare de Luxembourg

Material: Carrymatt, Schloofsaack, Orientationsmatérial (Kompass, Réimer, Scouts-bichelchen, Vademeicum, GPS), Gamelle, dem Wieder ugepassten Kleeder (an schwaarz Kleeder fir den Lasertag)

Präiss: 35 Euro sinn op den **CCPL LU49 1111 2324 7361 0000 „Les Lions Bleus a.s.b.l.-Explorer** bis spéitstens den **12.Abrell 2013** ze iwwerwiesen

Souche: Ass och oofzeginn bis den **12 Abrell 2013**

t



Heimat erlaaben ech

mengem(er) Explorer / Explorette  
mat op den **X-Camp**  
vum **20.-21.Abrell 2013** matzegoen

Ennerschrëft vun den Elteren

fir Scouten, Explorer&Rover

# INAUGURATION

### Et ass sou wäit!

eisen neien eegenen Quartier ass lo endlech färdeg an mir sinn invitéiert fir en mat anzeweihen. Dofir komm mat eis mat an plénner mat eis vum aalen Siège an der Hollerëscher Strooss op den Cents. Mir maachen Samstes eng Aart Cortège an verbrèngen dono e flotten owend bei enger Veillée mat Sketcher, an hun dono e Concert mat zwou létzebuerger Gruppen. Sonndes lèiers de den neien Site kennen, an bass mat bei den Anweihung dobai wou mir dem neien Quartier an der Scoutsbranche e klenge Kado wärten iwwerreechen. Explorer&Rover maachen en Tour èm & um Terrain...

**Op allenfall soën mir do just: NËT VERPASSEN!!!**

Wéini?

4.-5.MEE 2013

Start?

Samstes, den 4.05.2013 um 15:00 Auer um Parking Carré Rotondes  
(1,rue de l'Aciérie L-1112 Hollerich) an tiptoper Uniform

Fin?

Sonndes, den 5.05.2013 um 16:00 Auer beim neien Siège vun der FNEL um  
Cents (61,rue des Trèves L-2630 Luxembourg)

Praiss?

20€, ze iwwerweisen op den Konto: Les Lions Bleus-Rover  
(CCPL IBAN LU22 1111 7017 2426 0000) mat der Mentioun "Explo'13+Numm"

Souche?

Ass oofzeginn bis **allerspèidstens den 20.Abrëll 2013!!!**

Waat muss du matbréngéng?

Schloofsaack/Carrymatt fir dobaussen, Gamelle/ Kichenduch, Bidon, Täschenluucht, dem Wieder ugepasst.Kleeder...**All Scout soll een hellen unifaarwegen T-shirt matbrèngéng!!!**

Waat muss du nach wëssen?

Ass déng Souche & däin Geld nüt zur Zäit dobannen,  
können mer déch gären nomellen bei der FNEL,  
mee dann kascht den Spaass 24€!!!

Heimat erlaaben ech \_\_\_\_\_

mengem Scout, Explorer, Rover

um dësjähregen EXPLO Inauguration vun der FNEL vum 04.-  
05.05.2013 deelzehuelen.



# NEIEN QUARTIER

fir Beaver&Wöllefcher

ët ass sou wäit!

eisen neien eegenen Quartier ass lo endlech färdeg an mir sinn invitéiert fir en mat anzeweihen.

Jiddereen soll dobai sinn, op kleng oder grouss...

Du wärts den ganzen Daag iwwer dech op engem riisegen Spillfeld duerch baal 100Joër FNEL an d'Geschicht vum ale Siège an vum neien Quartier bewegen. Waat do genee geschidd ass awer e grousst Geheimnis :)

**Op allenfall gët ét een riesen Spaass an mir soen do just: NET VERPASSEN!!!**

Wéini?

**5.MEE 2013**

BEAVER haaten schon den 20.Abrëll hier privat Inauguration, duerfen awer haut och gär nach emol mat hieren Elteren laanschtkommen tëscht 10-16:30...

Start?

Sonndes, den 5.05.2013 um 10:00 Auer beim «Schwaarzen Haus»  
(167,rue des Trèves L-2630 Luxembourg) an tiptoper Uniform

Fin?

Sonndes, den 5.05.2013 um 16:00 Auer beim neien Siège vun der FNEL um Cents (61,rue des Trèves L-2630 Luxembourg)

Praiss?

10€, ze iwwerweisen op den Konto: Les Lions Bleus-Rover  
(CCPL IBAN LU22 1111 7017 2426 0000) mat der Mentioun "Explo'13+Numm"

Souche?

Ass oofzeginn bis allerspèidstens den 20.Abrëll 2013!!!

Waat muss du matbréngen?

Gamelle/ Kichenduch, Bidon, dem Wieder ugepassten Kleeder...

Waat muss du nach wëssen?

Ass déng Souche & däin Geld nüt zur Zäit dobannen, kënnen mer déch gären nomellen bei der FNEL, mee dann kascht den Spaass 12€!!!



Heimat erlaaben ech \_\_\_\_\_  
mengem Wöllefchen \_\_\_\_\_ um  
dësjähregen EXPLO Inauguration vun der FNEL den 05.05.2013  
deelzehuelen.

# Sortie - Parc Merveilleux

Beaver



## Komm mat an d'Welt vun den Märecher!

Wanns du wells een ganzen Daag, dei schéinsten Märecher entdecken, dei leifsten Déieren gesinn, heemelen an se souguer fidderen? Dann komm mat eis an den Beetebuerger Park!

R.V.: 11.Mee 2013 um 11:00 Auer virun der Entrée vum Beetebuerger Park (Parc Merveilleux)

Schluss: 11.Mee 2013 um 16:00 nees virun der Entrée vum Beetebuerger Park

Waat brauch ech? Dem Wieder ugepassten Kleeder (falls Sonn: Kaap & Sonnencreme), **!!!PICKNICK fir mettes!!!**

Praiss?

**8 Euro** sinn bis den **5.05.2013** op eisen Beavercompte mat der Mentioun vum Parc Merveilleux an mam Numm vum Kand ze iwwerweisen! (CCPL IBAN LU87 1111 2571 8942 0000)



**Beaverklack,**  
Lena, Maiti, Nora

Ech \_\_\_\_\_ erlaaben heimat  
mengem Beaver dem \_\_\_\_\_ den  
11.Mee 2013 mat den Lions Bleus mat op d' Sortie  
an den Parc Merveilleux ze goen.

\_\_\_\_\_  
Ennerschrëft



# PENGSCHTCAMP

fir LX/SG/EX/RO&AM

AN ENGEN WÄIT ENFERNTEN LAND, DAAT SECH PRETORIA GENANT HUET, GOUF ET 4 VÖLKER:  
MAT LÉIT VUM WAASSER, VUN DER ÄRD, VUM FEIER AN VUN DER LOFT. ENNERT HINNEN GET ET AWER  
VERSCHIDDEN LÉIT, DÉI MAT HËLLEF VUN ENGER ZAUBERKRAAFT HIERT ELEMENT  
KENNEN KONTROLLEIEREN AN STEIEREN. LEIDER GINN D'VÖLKER SOU ÈNNER-  
DRÉCKT VUM FEIERVOLLÈK, DAAT VERSICHT DÉI AANER 3 ZE BEHERRSCHEN.  
MAT GROUSSEN MASCHINNEN PROBÉIEREN SIE D'LÄNNER VUM WAASSER,  
LOFT AN ÄRD ZE EROBEREN. KEEN KANN SÉCH HINNEN ENTGÉINT  
STELLEN! SOUQUER NET DEN ULTRA SUPERGURU 'AVATAR' DEEN DÉI 4  
ELEMENTER KONTROLLEIEREN AN BEHERRSCHEN KANN, AN ESOU DEN  
FRIDDEN BRÉNGEN KÉINT, ASS SPÜERLOS VERSCHWONNEN...  
HEI ASS ELO DÉNG HËLLEF GEFRUIT!!! HËLLEF DEN VÖLKER AUS PRETORIA  
DEN 'AVATAR' ERËM ZE FANNEN, FIR D'FEIERVOLLÈK KENNEN ZE BESIEGEN  
AN SOU NEES KENNEN FRÄI ZE LIEWEN! GÉI MAT OP ENG REES DUERCH FEIER, WAASSER, WAND AN ÄRD  
AN LÉIER SOU NEI GEFØOREN & ABENTEUER KENNEN!

**Wéini?** --> SAMSTES, DEN 18. MEE 2013

SCOUTEN, EXPLORER&ROVER (SG/EX/RO): RV UM 09.00 AUER OP DER GARE CENTRALE DE LUXEMBOURG

Wöllef (LX): RV UM 14.00 AUER OP DER GARE CENTRALE DE LUXEMBOURG

**RETOUR FIR JIDDEREEN?** --> DËNSCHDES, DEN 21. MEE 2013

RV UM 16.00 AUER OP DER GARE CENTRALE DE LUXEMBOURG

**Präiss?**

50€, SITTEN ZE IWWERWEISEN BIS SPÉIDSTENS DEN 15.05.2013

OP DEN COMPTÉ: LES LIONS BLEUS-ROVER (CCPL IBAN LU22 1111 7017 2426 0000)


MAT DER MENTION "PC'13+NUMM VUM PARTICIPANT"

**MATERIAL?**

SCHLOOFSAAC & CARRYMATT FIR DOBAUSSEN, SCHWAMMSAACHEN, GAMELLE & KICHENDUCH,  
TÄSCHENLUUCHT, BIERGSCHONG, LIICHT SCHONG, WÄSCHSAACHEN, PIJAMA, DEM WIEDER UNGEPASSTEN  
KLEEDER & ERSATZKLEEDER, DEM WÖLLEFCHEN SÉNG 5 SAACHEN...? --> JUMBOSKAART, EGOKAART  
ODER 2 Roud TICKETS.


**Souche?**

D'SOUCHE ASS OOFZEQINN BIS SPÉIDTENS DEN 12.05.2012!!! DONO GEET KEEN MÉI MAT :(



## 4 ELEMENTER - SOUCHE FIR DEN PAISCHTCAMP 2013 - 4 ELEMENTER

HEIMAT ERLAABEN ECH ..... MÉNGEM WÖLLEFCHEN / SCOUT / EXPLORER / ROVER ..... UM PENGSCHTCAMP  
VUM 18.-21.05.2013 DEELZEHUELLEN, IWWERWEISEN  
D'SUEN AM DÉLAI AN REECHEN D'SOUCHE MAT ZAITEN AN.



ËNNERSCHRËFT.....

# Souche Faackelzuch



# FAACKEL ZUCH 2013

Wéi all Joers sin mir um Vierowend vum Nationaldeiderdaag um Faackelzuch vertrueden.

Mit treffen ons Samstes, den 22. Juni um 20:30 Auer bei der Metzlerei Kaiffer op 77 Grand Rue L-1661 Letzeburg



Waat brauch de Beaver, de Wöllefchen, de Scout, d'Guide, den Explorer, de Rover, d'Amicale an natirlech net ze vergiessen eis léif Comitésmemberen??

Richteg! eng TIP TOP Uniforme  
mat enger donkelbloër Jeans-Box  
mat engem Uniformshiem / Foulard  
en Lions - Bleus - Sweatshirt an eng LBB-KAAP

**OPGEPASST:** Daat ganzt huët och en Enn, an dén fënt sech erëm béis der Metzlerei Kaiffer um 23:00 Auer

D'Souche as bis spéitstens den 15/06/2013 béis dëngem Chef oofzegin!!!

Wéi all Joërs sin d'Lions Bleus och mat hierem Grillstand do vertrueden!!!



Jo ech.....

Gin och dëst Joér mat op de Faakelzuch.  
Ech sin mat Zäiten, an tiptopper Uniforme um Rendez-vous

Elterenënnerschrëft



# NATIONALFEIERDAAG


Lions Bleus Grillstand


Kommt alleguer bei eis e  
gudden

## Lions-Linger & Mett-Wirscht

op echtem Holzgrill iessen :)

22.Juni 2013 ab 12  
Auer





# SAIL 2013 an Holland

fir SG/EX/RO

Mir sinn elo zu **39/40!!!**



mat dobai sinn:

SG\_Pitt S., Max, Joachim, Charel S., Charel J.,

Julien, Sam, Felix, Justin, Aleksis, Isaac,

Sophie, Sarah, Harry, Mona, Ketty & Esteban

EX\_Catherine, Samuel, Adrien, Mika

RO&CH\_Atra, Ludovic, Tamia, Christophe,

Nekkel, Mauro, Tameng, Tahr, Eric, Grizzly, Yuko, Lena,

Maiti, Prunelle, Michel, Soa, Maki & Racoon... & N°40???

**Wéini ?** Freides owes 02.08.2013 - Sonndes owes 11.08.2013

**Präiss ?** Acompte 1&2 = 2\*150€ (bis den 1/01 & 15/01/2013) /// Acompte 3 = 150€ (bis den 30/06/2013)  
op den Compte vum Fischer Manon (CCPL IBAN LU69 1111 1943 4251 0000)

**Baacksortie ?** --> MERCI, MERCI MERCI am Numm vun der ganzer Segelmannschaft, fir dat dir EIS  
sou gudd énnerstëtzt hudd an eis lecker Kichelcher kaaf haat, an mir hoffen sie hun gudd geschmaacht :):):)

**Nach 1 Plaatz fir mat op den Camp...** --> AVIS AUX AMATEURS...

**Camp T-shirt ?** Hei deelen mer nach an nächster Zäit een Ziedel aus mat engem Coupon-

Réponse, wou dir eis är Grësst matdeelt an awer och d'Mèiglechkeet kritt een 2./3./4....matzebestellen zu  
ären Laaschten :) **Affaire à suivre...**

**SAIL'crew 2013** [sail@lionsbleus.lu](mailto:sail@lionsbleus.lu)



# Programm BEAVER

BV Programm



## Abrëll

- |       |                                 |
|-------|---------------------------------|
| 1.-3. | Ouschtercamp mat den Grengen    |
| 13.   | Beaverversammlung 14:00 - 16:00 |
| 20.   | Beaver On Tour                  |
| 27.   | Beaverversammlung 14:00 - 16:00 |

## Mee

- |     |                                 |
|-----|---------------------------------|
| 04. | Beaverversammlung 14:00 - 16:00 |
| 11. | Sortie - Parc Merveilleux       |
| 18. | keng Versammlung                |
| 25. | keng Versammlung                |

## Juni

- |     |                                 |
|-----|---------------------------------|
| 01. | keng Versammlung                |
| 08. | Beaverversammlung 14:00 - 16:00 |
| 15. | Beaverversammlung 14:00 - 16:00 |
| 22. | Faackelzuch                     |
| 29. | Beaverversammlung 14:00 - 16:00 |

## Juli

- |     |                                 |
|-----|---------------------------------|
| 06. | Beaverversammlung 14:00 - 16:00 |
| 13. | keng Versammlung                |
| 14. | Pow-Wow                         |
| 20. | Leiwenfest                      |

**Schéin Vakanz!**

**Beaverklack**

Lena, Maiti, Nora



# Programm Meute

## Den LX - Programm

### ABRËLL

- |        |                               |
|--------|-------------------------------|
| 06.04. | Vakanz --> keng Versammlungen |
| 13.04. | Versammlung 14:00-16:00       |
| 20.04. | Versammlung 14:00-16:00       |
| 27.04. | Versammlung 14:00-16:00       |



### MEE

- |            |  |
|------------|--|
| 04.-05.05. | Explo inauguration nouveau siège fédéral |
| 11.05.     | Versammlung 14:00-16:00                  |
| 18.-21.05. | Pëngschtcamp                             |
| 25.05.     | Vakanz --> keng Versammlungen            |

### JUNI

- |        |                               |
|--------|-------------------------------|
| 02.06. | Vakanz --> keng Versammlungen |
| 08.06. | Versammlung 14:00-16:00       |
| 15.06. | Sortie                        |
| 22.06. | Faackelzuch                   |
| 29.06. | Versammlung 14:00-16:00       |

### JULI

- |        |                         |
|--------|-------------------------|
| 06.07. | Versammlung 14:00-16:00 |
| 13.07. | keng Versammlung        |
| 14.07. | Pow-wow zu Diddelèng    |
| 20.07. | Lèiwefest               |



Deng Meutecheffen:  
Prunelle/ Breeze/ Sophie/ Michel/ Claude

# Programm Troupe den SG - Programm

## ABRËLL

- |       |  |
|-------|--|
| 4.-6. | OUSCHTERCAMP   |
| 13.   | Patrullenversammlung                                     |
| 20.   | Patrullenversammlung<br>(Leadershipversammlung vum Yann) |
| 27.   | Truppenversammlung                                       |

## MEE

- |         |  |
|---------|--|
| 4.-5.   | EXPLO Inauguration Nouveau Siége fédéral |
| 11.     | Patrullenversammlung 14:00-16:00         |
| 18.-21. | PËNGSHTCAMP                              |
| 25.     | keng Versammlung --> Vakanz              |

## JUNI

- |     |  |
|-----|--|
| 1.  | keng Versammlung --> Vakanz                |
| 8.  | LEADERSHIP SORTIE<br>vum Sarah, Max & Yann |
| 15. | Truppenversammlung 14:00-16:00             |
| 22. | FAACKELZUCH                                |
| 29. | Patrullenversammlung 14:00-16:00           |

## JULI

- |           |                                |
|-----------|--------------------------------|
| 6.        | Truppenversammlung 14:00-16:00 |
| 13.-14.   | POW-WOW                        |
| 20.       | LÉIWENFEST                     |
| 16.-14.09 | SUMMERVERAKANZ                 |

## SUMMER-CAMP 2013

--> SAIL

--> 02.08.2013-11.08.2013!!!



Lex / Tamia / Christophe / Nëkkel / Mauro / Ludovic

# Programm Explorer EX - Programm:



Abrëll

02-06.4.13	FNEL Berlincamp 2013
13.4.13	Explorerversammlung
27.4.13	Explorerversammlung

14-16 Auer  
14-16 Auer

Mai

04-05.5.13	Explo Fnel Inauguration QG
11.5.13	Explorerversammlung
18-21.5.13	Paischtcamp zu ????

14-16 Auer

Juni

08.6.13	Explorerversammlung	14-16 Auer
15.6.13	Explorerversammlung	14-16 Auer
22.6.13	Faackelzuch + Grillen	
29.6.13	Explorerversammlung	14-16 Auer

July

06.7.13	Explorerversammlung	14-16 Auer
13-14.7.13	POW WOW zu Dideleng PR	
20-21.7.13	Leiwefest	

August

02-11.8.13 Sail 2013 an Holland



: Tameng, Tahr, Fennec, Laurent

# Rapport Schlittschongsortie

vun der Meute



Um 10:00 Auer moies hun mir eis um Parking vun der Kockelscheier getraff. Et war kaal dobaussen, et huet geschneit an gereent, mee eis tapfer Wellef hun dës Minustemperaturen awer gudd gemeeschert :) Den Daag hun mir ungefaang mat e puer klengen Spiller an der Patrull sou dat jidderengem séng Féiss net ganz konnten erfréieren;) Schnell kruut och jiddereen Honger, an d'Cheffen kruten dunn den Herr vun der Cantine iwwerried eis eng Plaatz ze iwerloessen, wou mir dann am Waarmen rem zu Kräften komm sinn. Nodeems dass eisen Bauch rem voll war, sinn mir rem an d'Keelt gaangen fir dem Eisbier ze hëllefén sein Wee eremzfannen. Den Eisbier huet sech nämlech verlaaf an wousst net mèi wéi en Heem kommen sollt. Sou hun d'Wellefcher dem Eisbier konnten hëllefén andeems se him dann verschidden Hinweiser an Spueren geluecht hun, an esou konnt en sein Wee an sein Reservoir zerèckfannen. Den Eisbier gouf mat grousser Freed empfaange, an d'Wellefcher waren frôu dann endlech kennen op d'Eispist ze goen, no engem laangen an kaalen Daag. No eiser grandioser BA ass et dunn och endlech lassgaangen mam Schlittschong fueren. Jiddereen huet séng Schonggrësst unginn an no laangem hin an hier haat dunn och jiddereen séng passend Schung fonnt. Wéi mer dunn och schnell festgestallt haaten, waren mer laang net déi eenzeg op der Schlittschongsspist. Opwuel net méi sou vill Plaatz op der klènger Schlittschongspist war, huet sech jiddereen awer gudd amüséiert an verschiddener konnten sech an der enger Stonn èm en gudd Stéck verbesseren. Eis Zeit war awer limitiert an sou hun mer dann och irgendwann rem missen ophaalen. Et war guer net méi sou einfach jidderengem séng Hännchen, Mutz an ...eremzfannen :) Dono sinn d'Elteren d'Kanner dann bei d'Eispist sichen komm an dunn ass et bestemmt an eng gudd waaarm Buerdbidden gaangen;)

Michel & Sophie



# Rapport Baackversammlung

vun den Scouter/Explorer& Rover

Den 23.Februar hun mir eis moies um 9 Auer all beim Home getraff fir Fueskichelcher ze baucken. Mir sinn an Gruppen an sou och an d' Atelieren opgedeelt ginn. D' Atelieren waren Deeg maachen, den Deeg formen an frittéieren, Etiquetten maachen an d' Kichelcher an Tuuten anpaacken. Mir hun déi Atelieren regelméisseg gewiesselt, esou dass jiddereen alles mindestens eng kéier maachen konnt. Nodeems mir an der Mëttestonn Nuddelen giess hun, hun mir dono nees weider mat den Atelieren gemaach an ét sinn och puer Gruppen gemaach ginn, déi duerch Hamm & Bouneweg geträppelt sinn fir Fnol-Kalenniferen an eben Fueskichelcher ze verkaafen. Wéi mir den Deeg all verbraucht haaten hun mir ungefaangen mat opraumen an spullen. Um 6 Auer sinn d'Tuuten all opgedeelt ginn an mir sinn rëm Heem gaangen. **Sophie**



Et gouf gudd geschafft, bestallt an verkaaf...

Sou haat d' Friteuse dëst Joér nees keng Chance kaal ze ginn, an huet eis eng 2'300 wonnerschéin ronn an hoffendlech och lecker Fuesbullén gezaubert!

Dobai duerf een nüt vergiessen, dat daat lo just déi sinn déi verkaaf goufen, also soën mer mol einfach 2'500 Stéck. Dèi mer dann nächst Joér versichen ze toppen!



Mir wëllen awer dann och hei op dësem Wee all deenen Léit nach emol MERCI soën déi eis nees éinnerstëtzzt hun, an eis soumat keng Paus gegönnt hun :)

# Rapport Fuesparty

vun der Meute



Den 23.Februar 2013 haaten d'Wöllef am Home hier traditionnell Fuesparty. Um 2 Auer ass daat grouss Fest lass gaang an jiddereen koum sou mat sënger wonnerschéiner Verkleedung. Dest Joer worn nees d' Piraten, d' Prinzessinnen, d' Punk'er, Zauberer an nach vill aaner Gestallten mat dobäi. Wéi op all Party gouf hei gefeiert, gudd gedronk an giess. Fir d'alleréischt gouf et een gudden Cocktail an lecker Chipsen. No der klenger Stärkung ass et dun nees weider gaangen mat klengen Spiller wou dono jiddereen gudd drop wor an mir dun sou vill gedanzt bis et net méi gaangen ass.

Irgendwann gouf et dann eng lecker Schokolatsfondue, wou

d'Kanner sech drop gestierzt hun. Um 17:50 wor dunn awer leider och schonn eriwwer mam feieren. Et wor eng gudd Stëmmung an et gouf vill gelaacht an gespaasst. Zum Schluss kruutten déi déi wollten nach hiert Gesicht ungemoolt. Um 18:00 wor dun définitiv Schluss an am groussen an ganzen wor et eng witzeg Versammlung an ech freeën mech schon op nächst Joer! :) Prunelle



# Rapport Leadershipversammlung

## Rapport vum Max Majerus

Formationsversammlung 9.3.2013



Mir hun eis um 2 Auer beim Home getraff, wou mir dann fir d'éischt an den Carré gaang sinn. Dono sinn mer bei d'Feierplaatz gaang, wou ech hinnen dann alles erklärt hun an dun haat ech d'Sachen ausgedeelt. Nodeems ech alles erzielt an erklärt haat, hun mer ugefang. Ech hun sie an Gruppen opgedeelt, an deenen sie dono geschafft hun. Fir unzefänken hun mir ét mam Magnesium probéiert, waat am Ufank e bëssen schwiereg wor wéinst der Loft. Wou sie dun färdeg waren mat probéieren, hun ech hinnen nach déi verschidden Feieraarten (Kachfeier, Lagerfeier,...) gewisen an erklärt. Well mir nach gudd an der Zäit waren, konnten sie séch nach weider amuséieren d'Feier op verschidden Art an Weisen unzukréien. Dono hun mir ungefaang anzeraumen an ze botzen, ier mir an den Carré geruff goufen, fir d'Versammlung oofzeschléissen. Dann hun ech nach schnell den Rescht geraumt an war frou, dass méng Versammlung gelongen war.

Max Majerus



## Rapport Rover - Quiz

## Rapport vum Soa



Ganz am Thema vum haut sou beléiften Amerika, hun d'Aigles aus dem Rollengergronn den Roverquiz 2013 organiséiert.

Eier et richteg lass goen sollt, sinn mir mat selwer gemaachten Hamburger verwinnt ginn, an konnten eis sou schon mol op d'Thema anstëmmen.

Wei et dunn sou wäit wor, huet den Georges Krombach den Cowboy op der Bühn ginn, an och sou den ganzen Owend geleet.

Déi 110 Rover aus 11 verschiddenen Gruppen hun sech an 8 Equipen opgedeelt. Mir woren mat 9 Lions Bleus an engem schwedeschen Scout gudd vertrueden. Déi ganz Soirée wor mat verschiddenen Zorten un Froen opgebaut. Sou gouf et Buzzer-Froen, ABC-Froen an och Froen wou mer eng Äntworten-Lëscht erstellen missten. Nieft deem méi drëschenen Deel haaten mir och d'Méiglechkeet op méi aktiv Art an Weis Punkten ze sammelen. Sief et duerch en Loft-Guitar-Battle, Cola schmaachen/ennerscheeden oder Neel anschloen. Fir d'Buzzer-Froen haaten d'Aigles extra selwer gebauten Buzzer gemaach. Allerdéngs wollten dës am Ufank vum Owend net sou wierklech matspiller.


Duerch eng kleng Noutoperatioun, konnten die rout Kneppercher, no der Hallefzäit dann awer an den Ansaatz kommen. Duerch den Ansaatz vun eisen 10 Käpp, dem Nekkel senger Bühnenshow, dem Nora säin Ëmgang mat Schallimot'en, dem Tameng seng flénk Hänn mam Hummer an fläissegem buzzeren, hun mir et dest Joer op déi 3.Plaatz gepackt. Déi éischt Plaatz ass un d'Dippecher Dachsen gaangen, sou dass mir eis schon op deen nächsten Roverquiz bei hinnen freeën.

E puer Mëssverständnisser konnt déi gudd Stëmmung vum Owend net knécken. Sou war dëst alt rëm eng gudd Geleeënheet fir dass och d'Rover en flotten Owend zesummen verbréngen konnten. An dofir sinn mer schon op d'nächst Joer gespaant an hoffentlech rëm sou gudd vertrueden.

DACHSEN mir kommen!! SOA

# Dem LIB séng Säit

Léier en neit Spill



## Déng Aufgab:

All orange Feld ass mat Zuelen vum 1-6 emkreest.  
Awer emmer esou, dat niemols eng gläich Zuel niewend  
der aanerer steet!  
z.B. Duerf eng '6' net un eng '6' ungrenzen...

VILL SPAASS heimadder :)  
alias LIB...

# Lions Bleus NEWS

Lions Bleus News



Zeltplatz und Ausbildungslände der Pfadfinder und Pfadfindernnen Österreich, LV Kärnten

Tamara.



# WOSM & fnel NEWS

WOSM&fnel News



FNEL SCOUTS-SHOP

**Nouv.Adresse:**  
64A, rue de Trèves  
L-2630 Cents  
Tel: 26 48 04 50

JOURS d'Ouvertures:  
**17:00 - 19:00**

Den ScoutsShop ass émmer  
**Donneschdes** op, ausser  
während den Schoulvakanzan!!!

## ALLGEMENG Datumer:

02-06/04/2013	Explorercamp zu Berlin	22/06/2013	Faackelzuch
13-14/04/2013	Bosses & Bobos	30/06/2013	Abgabetermin Patrull vum Joer
20/04/2013	Beaver on tour	13-14/07/2013	Pow-Wow zu Diddelèng(PR)
04-05/05/2013	Explo Inauguration NQF	19/09/2013	Assemblée générale FNEL
18-21/05/2013	P-Camp fir schwaach Gruppen	22/09/2013	Réunion des chefs



JO sou heescht en, eisen Camp centenaire vun der FNEL.  
Live it, love it, scout it...

## HOT NEWS:

Fir wien?

Wellefcher national & ab Scoutsalter international

Wéini?

17.-26.07.2014

Präiss?

LX hun Camp vum 17.-20.07.2014, wou den Pow-Wow den Oofschloss mescht!

Weider Infos?

350€ fir den kompletten Camp

fann dir op [www.together2014.lu](http://www.together2014.lu) also invitéiert lo schon är Scoutskollegen :)

# Lions Bleus NEWS

Lions Bleus News

**E SCHÉINEN BONJOUR** vum  
**LINUS** un d'Lions Bleus.

Den klengen Mann ass Ufank März op d'Welt komm an mecht lo dèi kleng Famill zu Hierber komplett.  
2\*LLH seet een do wuel....

Mir am Numm vun all den Kanner, Cheffen, Comité, Amicale an Frenn vun den Lions Bleus wenschen hinnen op hierem Wee all Gudds & virunallem vill Freed zesummen an der Zukunft.

## GROUSSSEN MERCI

Un d'Mäinzelmännercher (alias Amicale), dèi an eisem Home dem groussen Sall am neien Deel en flotten neien Ustrach verpasst hun.

Mir sinn lo vum zaarten Orange op een ganz agréabelt kaki/blanc cassé iwwergaangen.

Werri sexiiee :)

!!! OPRUFF !!!

Denk drun Photoen eranzeginn (egal op aal oder nei) fir dat mer e flotten LionsBleus-Photoarchive können opbauen. Schéckt dës ganz einfach op (foto@lionsbleus.lu) oder gidd mer se direkt per CD oder Stick...

TAHR



## KALENNER 2013



Jo en ass nees do, den neien FNEL's Kalenner fir d'Joërl 2013. E wichtegt Stèck, daat an kengem Haus dierf feelen. Praktësch ass en och nach dobai, well dir kënnt Iech all d'Lions Bleus Datumer hei dran vermierken wéi och är Privat.

### Wou krid een daat gudd Stèck?

Natiirlech am Lions Bleus Shop fir ganzer 5 €.



Dat mer nüt drop sätzen bleiwen ginn ét just 100 Lions Bleus Exemplairen. Dofir maach dech schnell op Bouneweg :)

## LIONS BLEUS SHOP


Den Lions Bleus Shop ass fir nächst op vun 15h45 - 16h15 den:

20/04/2013

11/05/2013

08/06/2013

06/07/2013



**P.S. -->** Mir hun fir den Wanter well och Mutzen, kommt Ierch se ukucken :)

## LBB SECOND HAND

Ab 2013 hun mir en Second Hand Shop, wou jiddereen seng aal/nei Saachen kann versichen un den Mann/Fra ze brèngen. Dir fannt den Link bei eis op eiser Internetsait op [www.lionsbleus.lu](http://www.lionsbleus.lu). Zweck vun der ganzer Geschicht: All Scout op jonk oder aal huet emmer nach brauchbar Saachen doheem, an kann se op desem Wee villäicht engem vermaachen deen des brauchen kann.

# et schengt

et schengt

- 01) wéi wann verschidden Léiwen émmer méi gréng géifen ginn
- 02) wéi wann eisen groussen Sall en neien Look kritt hätt
- 03) wéi wann dësen duerno direkt vun engem Member mat enger Party angeweit gouf
- 04) wéi wann d'LBB an déi Greng Scouten sait kuerzem "méi no" mateneen zesummeschaffen
- 05) wéi wann eist Lama an séngem zaarten Alter gemengt hätt Béierfässercher ze kaafen ewéi fir eng Klassenfriess
- 06) wéi wann mir dëst Joër an Techuana massiven Schnéi op den Stroossen hun missen versichen ze bewältegen
- 07) wéi wann eisen Bommenleer lo och sain Onwiesen zu Villach an den neien Thermen gedriwwen hätt
- 08) dat mir all Joër an Techuana een Chalet untreffen dien piccobellos geraumt, nett an sauber ass
- 09) dem Indiana Jones séng Gehilfen (Scouten) um Wanterlaaf um Juckelsplateau eng Rei Aventuren erliewt hätten
- 10) wéi wann mir well en Skilehrer bei eis am Grupp hätten, extra fir den Perfectionnement am Déifschnéi
- 11) wéi wann mer dëst Joër extra den groussen Véihunhänger fir eist Pony mat an Techuana haaten
- 12) wéi wann d'Lions Bleus Nowuëss kruutens an elo en neien Mini-Member hätten
- 13) wéi wann Maison Relais Larri Farri zu Mauerbreck virun e puer Deeg Besuch vun enger Schwuler Koppel krut
- 14) wéi wann Techuanaéquipe dest Joer hier Rees mat manner Personnal ugtrueden ass
- 15) wéi wann e komeschen Hirsch de Geck mam grousse Bier gemaat huert
- 16) wéi wann 2 Geeschter hiert onwiesen am Home géifen dréiwen
- 17) wéi wann d'Home an der Polvermillen gefrot wier
- 18) wéi wann den Daachdecker no villen Solaranlagen démnächst op Bouneweg géif kommen
- 19) wéi wann Déiren aus dem Bësch erëm e Grond hun fir ze féiren
- 20) wei wann d'Lions Bleus d'nächst Joer 100 Jaar bestoen géife féiren
- 21) wéi wann de Klappschwanz erem Totemiséiert hätt

# et schengt net nemmen

et schengt net nemmen

- 01) wéi wann säit Brugge déi Gréng an déi Blo d'Fangeren nüt vuneneen loassen können
- 02) wéi wann sëch der do e puer Rendez-Vous am Home ginn hätten fir nei unzesträichen
- 03) wéi wann déi flässseg Aarbëschter géingen Hoffen, dass de Lama nüt zevill op d'Mauerens spaitzt
- 04) wéi wann do säit kuerzem géif e Feierchen knisteren
- 05) wéi wann déi Fässer mat deem leckeren Béier absolut guer nüt an eis super PerfectDraftZaap gepasst hätten
- 06) wéi wann mer dofir eng Formation continue kruutens an: Wéi leen ech méng Schnéiketten op (1.kéier fir Techuana
- 07) wéi wann dës Mëttwochs an der Fuesvakanz huet missen evakuéiert ginn, mat deenen 750 Schwämm&Saunagäsch
- 08) dat Techuanateam deenen aaner Locatiren anscheinend dofir Reinigungs- und Desinfektionsgebühren géif verrechnen
- 09) wéi wann een déi Aventure-Posten nach émmer do ufënnt, wèi zB d'Pyramid
- 10) wéi wann dës d'Hindernisser nüt sou eecht geholl hätt, well séng Box den Baam ganz vill gär haat
- 11) wéi wann d'Pony awer nees gebockt hätt an léiwer ouni eis op d'Pist gefuer wier
- 12) wéi wann en weideren LLH séng Kummer zu Hierber géif bezéihen
- 13) wéi wann d'Personal ganz duercheneen war wou déi no hierem Kand gefrot hunn
- 14) wéi wann déi aal Huesen et genoss hunn a missten net de ganzen Zäit hier Kastte laafe loosen „Dier zou“
- 15) wéi wann dé géif SMS schécken a matdeelen dass si erëm Spagettissauce vergies hätten
- 16) wéi wann daat keng dommer wieren a fier den PREMIERSEXAMEN géife léiren
- 17) wéi wann ons Home iwwert déi nächst Méint ausgebucht wier
- 18) wéi wann et am Juni esou wäit wier dass den Daach vum d'Home mat enger néier Isolatioun emmantelt géif gin
- 19) wéi wann de Fuuss richteg an der Déiren Privat gelies huert dass d'Schildkröt an den Capoeira sech verlobt hun (Alles guddes vum Fuuss)
- 20) wéi wann de Comité „Honnert“ schons opgereeegt ass seng Ideen an de Comité présentéiren ze kommen
- 21) wéi wann hien daat eegenmäschteg décidéiert huert an de Clan vun dem aaneren Grupp emol net gefrot huert

Melle Meyer Arlette - MM Majerus Tina - MM Majerus Evelyne - Melle Goergen Simone - M. Thibo Charles - MM Jenin-Thomé - MM Fay-Bisdorf - Maki & Manul - MM Majerus Patrick - MM Schaack-Hirsch Albert - Anonyme - Mme Federmeyer Berthe - M. Grün Joe - M. Schintgen Claude - MM Heinen G. + Sendel Denise - M. Rohmer Kevin - Famille Reiners

D' Wandrous no 342 as zesummengesaatgin a fortgeschéckt gin: Troupe an Explorer

## Un der WANDROUS N°343 hun matgeschafft:

LIB / Maîtrise Beaver - Wöllef - Scouten a Explorer / Sophie / Michel / Prunelle / Max Majerus / Soa / Kodiak a Tamia

# Programm Wandrous

den 3Méint-Programm

abrëll'13		mee'13		juni'13	
Me 1	Ouschtercamp BV	Më 1	Permanence	Sa 1	
Dë 2	EX-Camp zu BERLIN (FNEL) Ouschtercamp BV	Do 2		Sö 2	
Më 3	EX-Camp zu BERLIN (FNEL) Ouschtercamp BV	Fr 3		Me 3	
Do 4	EX-Camp zu BERLIN (FNEL) Ouschtercamp SG	Sa 4	EXPLO inauguration (FNEL) fir SG/EX/RO/AM	Dë 4	
Fr 5	EX-Camp zu BERLIN (FNEL) Ouschtercamp SG	Sö 5	EXPLO inauguration (FNEL) fir LX/SG/EX/RO/AM	Më 5	Permanence
Sa 6	EX-Camp zu BERLIN (FNEL) Ouschtercamp SG	Me 6		Do 6	
Sö 7		Dë 7		Fr 7	
Me 8		Më 8	Permanence	Sa 8	LS-Sortie vum Sarah,Max,Yann Beaver/Wöllef/Explorer
Dë 9		Do 9		Sö 9	
Më 10	Permanence	Fr 10		Me 10	
Do 11		Sa 11	BV Sortie 'Parc merveilleux' Wöllef/Patrouill/Explorer	Dë 11	
Fr 12		Sö 12		Më 12	Permanence
Sa 13	Beaver/Wöllef/Patrouill/Explorer	Me 13		Do 13	Comité LBB
Sö 14		Dë 14		Fr 14	
Me 15		Më 15	Permanence	Sa 15	LX Sortie Beaver/Troupe/Explorer
Dë 16		Do 16		Sö 16	
Më 17	Permanence	Fr 17		Me 17	
Do 18		Sa 18	Pëngshtcamp	Dë 18	
Fr 19		Sö 19	Pëngshtcamp	Më 19	Permanence
Sa 20	BV on tour (FNEL) Wöllef/Patrouill	Me 20	Pëngshtcamp	Do 20	
Sö 21		Dë 21	Pëngshtcamp	Fr 21	
Me 22		Më 22	Permanence	Sa 22	Faackelzuch & LBB Grillstand
Dë 23		Do 23	Comité LBB	Sö 23	
Më 24	Permanence	Fr 24	Wandrouseinsendeschluss	Me 24	
Do 25	Comité LBB	Sa 25		Dë 25	
Fr		Sö 26		Më 26	Permanence
Sa 27	Beaver/Wöllef/Troupe/Explorer	Me 27		Do 27	
Sö 28		Dë 28		Fr 28	
Me 29		Më 29		Sa 29	Beaver/Wöllef/Patrouill/Explorer
Dë 30		Do 30		Sö 30	
		Fr 31	Wandrousredaktionsschluss		

# Allerläscht Wandrous - Säit

[www.lionsbteus.lu](http://www.lionsbteus.lu)



fnel  
scouts & guides



\*Moien Vollek,  
ech sin den néien LBB-CamReporter.  
Ech sin émmer do wou eng laas ass.  
Gäre géif ech lech de Film vu menger 40 Joer  
Féier wéisen mä leider huert kee gefilmt !!!\*

\* THAT'S ALL FOLKS